ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°6621
Entrée le 05.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.08.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

Rezent goufen an Europa Versich gemaach, fir de Militärfliger A400M och bei der Bekämpfung vu Bëschbränn kënnen anzesetzen – mat Erfolleg, wéi sech erausgestallt huet. Den A400M huet sech als effektiivt Instrument erwisen, fir am Déiffluch bei niddereger Geschwindegkeet bis zu 20 Tonne Waasser a manner wéi 10 Sekonnen ofzewerfen. A Spuenien gouf den A400M mat enger austauschbarer Ausrëschtung, fir Bränn ze bekämpfen, ausgestatt. Besonnesch interessant ass an deem Kontext och, datt ee keng Ännerungen um Fliger muss virhuelen, fir dës Ausrëschtung ze installéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Arméisminister:

- Ass den Här Minister bis dato schonn am Bild iwwert déi uewe beschriwwe Bestriewungen, den A400M och bei der Bekämpfung vu Bëschbränn anzesetzen? Wa jo, wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu dësem Sujet? Gedenkt d'Regierung op dee selwechte Wee ze goen, fir den A400M och esou auszerëschten, datt dëse fir d'Bekämpfe vu Bëschbränn ka genotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°6621
Entrée le 30.08.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

**Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6621 vum 5. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

Et ass ons bekannt dass AIRBUS a Spuenien eng Testcampagne mat engem Roll-on/Roll-off-Läschkit, mat deem een A400M kann ausgerëscht ginn, gemaach huet. Weider Tester sollen nach nokommen. An der Theorie kéint esou ee System fir Länner déi grouss Bëschflächen hunn an déi och A400M bedreiwen eng ekonomesch an ekologesch Optioun si bei der Bekämpfung vu Bëschbränn. D'Tester sollen elo feststellen dass déi Theorie och a Praxis kann ëmgesat ginn.

Mir exploitéiere onsen A400M zesumme mat der Belsch an enger binationaler A400M-Unitéit. Well bis elo weder op belscher nach op lëtzebuergescher Säit ee Besoin fir esou eng Kapazitéit (Ofworf vun 20 Tonne Waasser innerhalb vun 10 Sekonnen) a well dat Equipement jo och elo eréischt präsentéiert gouf, ginn et am Kader vun der binationaler Unitéit awer am Moment nach keng Diskussiounen iwwert en eventuellt Uschafe vun esou engem Kit.

Well awer bedéngt duerch de Klimawandel Bëschbränn och an eise Breedekreesser zouhuelen, ass net auszeschléissen dass net awer an Zukunft Iwwerleeungen an déi Richtung ugestouss ginn.

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister